ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

An engem ëffentleche Bréif kritiséiert den Ombudsman d'Situatioun vu mannerjärege Prisonéier hei zu Lëtzebuerg. Obwuel mat der Schafung vu Sécherheetsunitéite fir mannerjäreg Prisonéier zu Dräibur (UNISEC) eng Léisung fir e jorelaange Mëssstand fonnt ginn ass, gëtt et nach ëmmer Rechtsonkloerheet a beweegt Lëtzebuerg sech nach ëmmer ausserhalb vun deem, wat vu villen internationalen Institutioune gefuerdert gëtt. Duerfir wollt ech dem Här Justizminister dës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Ariichtung vun den UNISEC eleng Lëtzebuerg aus der internationaler Kritik hëlt, wat d'Behandlung vu Mannerjäregen am Lëtzebuerger Strofsystem ugeet?
2. Ass den Här Minister gewëllt, Remedur ze schafen bei deene Kritiken, déi den Ombudsman bréiflech formuléiert?
3. Deelt den Här Minister d'Siicht vum Ombudsman, wat d'Argumenter vun deene betrëfft, déi net wëllen d'Méiglechkeet vun enger Inhaftéierung vu Mannerjäregen zu Schraasseg ofschafen?
4. Schaffen dem Här Minister seng Servicer drun, e Profil ze erstelle fir an engem gesetzlechen oder reglementäre Kader festzeleeën, wien an d'UNISEC op Dräibuer geluecht ka ginn?
5. Ass den Här Minister wëlles, d'Méiglechkeet vun enger Inhaftéierung vu Jugendlechen am Prisong vu Schraasseg ze ënnerbannen?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique